Luc Frieden, Premierminister
Ministère d'État
2, place de Clairefontaine
L-1341 Luxembourg

Claude Wiseler, President vun der Chamber
Chambre des Députés
23, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

# Oppene Bréif un de Premierminister an de Chamberpresident: Iwwerparteilech Initiativ fir eng staark Demokratie

Här Premierminister,

Här Chamberspresident,

mir erliewen am Moment, wéi déi westlech Demokratien ëmmer méi ënner Beschoss geroden. Rietspopulistesch an -extreem Parteie gewanne weltwäit un Zoulaf.

Esou hunn d'USA e Mann nees zum President gemaach, dee versprécht, en „dictator on day one" wëllen ze sinn. Frankräich stécht an enger politescher Kris. An Italien regéiert eng neofaschistesch Partei. An Éisträich gesäit alles dono aus, wéi wann d'FPÖ geschwë géif de Kanzler stellen. An an Däitschland kritt déi verfassungsfeindlech AfD an Ëmfroen ëm 20% Zoustëmmung. Déi politesch Instabilitéit an Europa an doriwwer eraus ass haut eng Realitéit. An och wa mir bei eis wäit fort vun esou Verhältnisser schéngen, esou ass Lëtzebuerg keng Insel.

Gekoppelt un dës Entwécklung ass eng Well vun Desinformatioun. Ob rietsradikal, friemefeindlech oder autokratiefrëndlech – se gëtt duerch d'sozial Medie weider multiplizéiert a kritt esou ëmmer méi Opmierksamkeet. D'Plattformen entzéie sech, soubal et hinne méiglech ass, der Verantwortung. Dat weist op en neits déi rezent Decisioun vu Meta, fir an den USA kee Fact-Checking méi ze maachen. Dobäi kënnt de klammenden Afloss vu Persoune wéi dem Elon Musk, dee säi Räichtum a seng Medieplattform notzt, fir Walen an anere Länner en faveur vu rietsextreeme Parteien ze beaflossen.

D'Absurditéit dobäi: et gëtt sech op déi fräi Meenungsäusserung beruff, déi et ze schütze gëllt. Dobäi ass dëst just en Deckmantel, fir Falschinformatiounen a mënschefeindlecht Denken zouzeloossen an demokratesch Institutiounen ze schwächen. Eng Verkéierung vun der Realitéit, déi um Enn riskéiert, genau dat ze zerstéieren, wat anscheinend soll geschützt ginn: d'Fräiheet.

Dëse Kontinent huet schonn eng Kéier erlieft, wat geschéie kann, wa Feindbiller geschaf ginn, Haass verbreet gëtt, rietsradikal Gedanken d'Iwwerhand huelen a gläichzäiteg d'Géigner dovun sech deem net vehement entgéint stellen. Genausou wëlle mir eis Zukunft och net an d'Hänn vun Tech-Milliardäre leeën, déi demokratesch Strukture futti maache wëllen.

Wa se eng Zukunft wëllen hunn, mussen d'Demokratien deem eppes entgéint setzen.

Dëst ass en Effort, dee just iwwer d'Parteigrenzen eraus kann Erfolleg hunn, mat all deenen, déi hannert den demokratesche Grondprinzippie stinn. Aus dësem Grond schreiwe mir Iech aus eegener Initiativ dëse Bréif als engagéiert Politikerinnen a Politiker aus verschiddene Parteien, déi sech zu de Wäerter vun der Demokratie an der Fräiheet bekennen.

Mir sinn dovun iwwerzeegt, dass mir grad elo eng Debatt doriwwer brauchen, wéi mir eis géint déi uewe beschriwwe Gefore wieren an domat eis Fräiheet erhalen a stäerken.

Ee wichtegen Aspekt ass d'Reguléierung vu soziale Medien an aneren Online-Plattformen. Lëtzebuerg sollt sech op EU-Niveau fir eng ambitiéis Ëmsetzung vun den Digital Markets an Digital Services Acts asetzen, an och dofir, dass falls néideg Amenden ausgeschwat ginn. Genausou ass et och wichteg, Desinformatioun méi effikass ze bekämpfen, andeems mir zum Beispill kucken, wat bei der Medienerzéiung verbessert oder a wéifern d'onofhängeg Press a Faktenchecking ka gestäerkt ginn. A schliisslech sollte mir och iwwer Weeër nodenken, wéi mir d'Participatioun verbessere kënnen, zum Beispill iwwert méi a besser Biergerbedeelegung. Firwat net en nationalen Aktiounsplang – ausgeschafft an Zesummenaarbecht mat engem Biergerrot – fir eng staark Demokratie opstellen ?

Mir mengen, dass elo de richtege Moment ass, fir eng gesellschaftlech Diskussioun an en iwwerparteilechen Effort ze lancéieren, fir dës Froen zesummen unzegoen. Well et concernéiert eis alleguer.

Mir géifen eis freeën, heiriwwer en Austausch mat Iech ze hunn, mam Zil, ze kucke wéi mir parteiiwwergräifend Léisunge fir eng staark a widderstandsfäeg Demokratie ausschaffen an ëmsetze kënnen.

Mir verbleiwen, Här Premierminister, Här Chamberspresident, mat dem allerdéifste Respekt,

**Fabricio Costa**, déi gréng

**Jessie Thill**, déi gréng

**Jana Degrott**, DP

**Michael Agostini**, DP

**Danielle Filbig**, LSAP

**Sammy Wagner**, LSAP

**Vincent Reding**, CSV

**Jill Goeres**, CSV